Peugeot Classic Club Luxembourg

Salut!

Bulletin de liaison
du Peugeot Classic Club
Luxembourg

No.6
10/2004

Tour des Châteaux et des Musées

Wéi schons am vergangenem Joër 2003 huet onsen Club och fir dest Joër eng Randonnée de la Rentrée organiseiert des Kéier enner dem Numm vum «Tour des Châteaux et des Musées».

Treffpunkt wor bei schéinem Wieder an agreablen Temperaturen den 5. September Sonndes mueres um 8.30 Auer beim Cactus Inn – Belle Etoile zu Bartreng. Dobäi woren: d'Famill Becker mat hiren zwee 504 Cabrioleten, de Carlo Goudembourg mat der 404 berline, de Jacques Hansen mat der 504 berline, de Luss Hilger mam Claudine mat der 404 berline, de Raoul Pancaldi an de Kolleg Pascal mat dem 404 cabriolet, de Guy Rausch mam Karin mat der 203 berline, de Marco Rausch mat dem 504 cabriolet, de Manuel Reuter mat sengem 203 coupé, den Här a Mme Robert Roder mat hirer 404 berline an den Raym. Strasser mat sengem 304 cabriolet. De Jean Claude Schaefer wor als Beifahrer dobäi, op sengem 203 wor d'Batterie um Enn.

Nodeems mer ons bei Kaffi-Croissants gestärkt hun fir och secher de Wee ze packen a jiddfereen säin Roadbook a Plaque mat Briefing krucht huet gong et dun lass. Mat gemittlechem Tempo sin mer em 10.00 Auer Richtung Stengefort gefuer iwer d'Belsch Grenz op Clairefontaine (klengen Halt) weider iwer Eischen, Gäichel, Habscht wou den Tour des Châteaux sou richteg ugefang huet (Vallée des sept châteaux) bis op Rolleng bei Miersch. Iwer Schoos a Feschbech, d'laanscht Meysemburger Schlass si mer dun no 2 Stonnen a 75 km um Bockel beim Robert Gedink (Clubmember) sengem Camping „op Kengert" bei der Fiels-Medernach agetraff. Nodeem mer en affreschenden Apéritif gedronk hatten hun mer ons bei Haam, Fritten an Zalot an zum Schluss enger gudder Glace regaleiert. De Robert wor sichtlech vum Besuch gereiert well prompt huet hien de Kaffi spendeiert (Merci Robert).

14.15 Auer, déi 2. Etapp iwwer Schrondweiler, Stegen, Bloën Eck op Dikkrich wou Dikkricher Gemeng fir ons extra 2 Parkinger hannerter Kirch reserveiert hat. Um Programm: Béiermusée, Automusée an de Militärmusée. Den Dikkricher Beermusée ass eng kleng „Merveille" mat all sengen Pannoën, Affichen, Gadgeten an Objeten. Am Autosmusée konnten mer enner anerem dem Prënz Felix säin Jaguar MK2, säin Landrover mat der Autosplaque n°17 an de schwaarzen Buick wou d'Grousherzoglech Famill am Mee 1940 geflücht wor bewonneren, natiirlech woren och 2 Peugeotsween aus den zwanzeger an dresseger Joëren do a souguer eng opgeschnidden „Boîte" vun engem 204! woren ausgestallt. De Militärmusée mat all sengen Exponaten ass immens impressiounant an mat den nogestallten Krichsszenen onbedengt eng Visite wärt.

De Tour wor esou lues um Enn an d'Strass wor drechen, e Patt op enger sonneger Terrass offreiert vum Präsident (Merci Här Präsident) huet den Ofschloss gemaach an notéiert ass schons déi nächst Rentrée 2005. jh

Les véhicules des membres

Peugeot 201coupé, année 1934, de Jacques Wagener, Garnich

Visitez notre site internet

www.peugeotclassic.lu

Dorénavant vous trouverez le site du club sous **http://www.peugeotclassic.lu**

Vous y consulterez le calendrier des manifestations, les dates des réunions membres, des photos des activités passées et bien-sûr beaucoup d'informations autour de notre club. Par courrier électronique nous serons joignables à travers l'adresse

contact@peugeotclassic.lu

L'ancien site (www.pccl.org) et adresse électronique (pccl@pt.lu) ont cessés d'exister depuis le mois de juin. Voilà, mettez vos liens et carnets d'adresses à jour et venez nous rendre visite sur www.peugeotclassic.lu… Nous vous y attendons.

International Peugeots Treffen 2004 zu Spa (B)

Desen Päischtweek-end wor dat desjähreg international Treffen vun den aalen Peugeots Ween zu Spa an der Belsch. Organiseiert gouff et ener anerem vun Peugeot Belgique-Luxembourg, dem Club des Anciennes Peugeot Belgique, den dest Joër seng 25 Joër feiert an mat der Zesummenaarbecht vun der L'Aventure Peugeot. Bei solch enger Gelegenheet konnt onsen Club natiirlech net fehlen an dobäi woren folgend Memberen: Mathias Brandenburger (203 découvrable), Robert Gedink (202 berline), Jacques Hansen (504 berline), Lucien Hilger (203 berline), Daniel Kinn (504 coupé V6), Manuel Reuter

(203 coupé) a Raymond Strasser (304 S cabriolet). Freides nomettes sin mer zesummen zu Miersch fortgefuer an no gudd 2 Stonnen woren mer douewen zu Spa am „Sol Cress" ukomm. Nom Achecken konnte mer nach eng kleng Autobourse am Hotel besichen.

Den Samsdeg mueren ass et dun esou richteg lass gangen. Um Programm: Rally „Randonnée des Ardennes" (191 km) mat Mettegiessen zu Houffalize, d'Arrivée an Ausstellung vun den Autoen op der Place Royale zu Spa, owes Gala-Dîner. Nom Kaffi goung et lass. All Won hat seng Startnummer a Startzäit. D'Roadbook wor onse Guide a fort goung et Richtung Stavelot, iwer den aalen Deel vum Circuit Spa-Francorchamps, Stavelot, Vielsalm, Gouvy op Houffalize zou. Geint halwer fennef sin mer doun op der Place Royale zu Spa ukomm. All d'Gefiehrer woren ausgestallt (eng 200 Autoen) a konnten vum Public bewonnert gin den voll op seng Käischten komm ass.

Sonndeg mueren, d'Léit hatten d'Méiglechkeet méi laang ze schloofen. Um Programm: Floumaart am Zentrum, dono Rally „Les Hautes Fagnes" (61 km) mat Pick-nick zu Stavelot, Baraque Michel, Barrage de la Gileppe, Vieux Limbourg. Nom Kaffi sin mer an den Zentrum vu Spa gefuer wou mer e Floumaart besichen woren. Dobäi gouf och dat eent an dat anert Peugeot-Handwierksgeschirr! fond (waat en Zoufall). Dun goung die zweet Rally lass Richtung Coo mat sengem klengen Waasserfall a Fräizäitpark, géint Mettes sin mer zu Stavelot an der freierer Abtei ukomm, Pick-nick a Visite vum „Musée du Circuit", am Nometten goung et weider iwer d'Baraque Michel bei de Barrage de la Gileppe (impressionant Monument mat engem giganteschen Léiw), um Reekwee louch dat Mettelaltesch Duerf Limbourg mat sengen uraalen Häiser a Pavéstéen. Am Hotel erem ukomm wor de BBQ (leider bei naassem Wieder) prett a sou lues goung Treffen dem Enn entgéint mat enger klenger sympathescher Abschiedsfeier a Präisverdeelung.

Den Meindeg mueren wor et dun soweit, Treffen wor eriwer an et ass rem Heem gaangen an dat Ganzt ouni „Accroc" a Pann. Iwregens ass d'Treffen 2005 an Holland – elo schons: avis aux amateurs!

Dates à retenir:

24 octobre à partir de 10.00 hrs
Bourse miniatures Hall Victor Hugo Luxembourg-Limpertsberg

9 novembre 20.00 hrs
Réunion membres Lux.-Pfaffenthal

11 décembre
Dîner de fin d'année du Peugeot Classic Club Luxembourg

11 janvier 2005 20.00 hrs
Réunion membres Lux.-Pfaffenthal

11 -20 février 2005
Rétromobile Paris

15 février 2005 20.00 hrs
Réunion membres Lux.-Pfaffenthal

Notre nouvelle salle de réunion au 32, rue Laurent Ménager Luxembourg-Pfaffenthal

Adresse de contact:
Peugeot Classic Club Luxembourg
c/o Jacques Hansen
73, Cité Millewee L-8064 Bertrange
contact@peugeotclassic.lu

INVITATION

Dîner de fin d'année

Peugeot Classic Club Luxembourg

11 décembre 2004

20 heures

Restaurant BEIM ALEN TUURM Mersch

Plus de détails dans un prochain courrier

A VENDRE

Peugeot 204 cabriolet, année 1967, blanche, 5.000 euros à discuter. Tél. 40800-4000 (bureau).

Peugeot 203, année 1952, état orig. noir 4.000 euros. Tél. 49 93 419 (bureau).